den Usproch vun der Öffentlechkeet op Informatiounen steet e puer Träpplécker méi héich. Well eng fräiheetlech Gesellschaft, déi en onredigéierte Video vun engem Terrorist wéi dem Usama Bin Ladin nët aushält, wat däerf een däer iwwerhaapt nach zoumudden? Ech hu jiddefalls gestaunt, wéi ech gelies hun, datt zwee US-Journalisten bei hiren Zeitungen erausgeflu sin, well si de Krisemanagement vum President George W. Bush an deenen éischten Stonnen no den Attacke kritiséiert haten.

*(21. Oktober 2001)*

## Alles, wat derwäert as

Et kënnt nët all Dag vir, datt eng Zeitung 150 Joer kritt. A wann eng Zeitung bis an deen Alter kënnt, da gët dat gewéinlech grouss gefeiert. Nët esou bei der *New York Times*, bei däer et de leschte 17. September esou wäit war. Wéinst den Attakken op de World Trade Center huet déi wuel beschten Zeitung vun der Welt alles ofgesot, wat u Feierlechkeete geplangt war. Souguer eng Spezialéditioun as nët gedréckt gin. Duerfir beweist d'Tata Times, wéi den Uwe Johnson si a séngem Roman Jahrestage mat vill Léift nennt, all Dag, datt si hire journalistesche Ruff nët fir näischt huet.

Eleng schon hiere Motto: "All the news that's fit to print" – All d'Neiegkeeten, déi et derwäert sin, gedréckt ze gin. Wat fir eng formidabel Vermessenheet, esou en Usproch z'erhiewen. Besonnesch wann ee sech un eng ironesch Remarque vum Kurt Tucholsky erënnert. Hie sot, am Fong wäer et e klengt Wonner, datt all Dag just esou vill géif passéieren, wéi an d'Zeitung géif passen. An e klengt Wonner as tatsächlech, wat Dag fir Dag um Wutz vum New Yorker Times Square, deen nët zoufällegerweis esou heescht, zesummegesat gëtt. Wie schon eng Kéier eng komplett Sonndeséditioun vun der *New York Times* ënnert dem Aarm geschleeft huet, weess, wéi dat gemengt as. Wann d'Wo nët méi wéi zwee Kilo uweist, muss ee sech sérieux froen, op d'Drécker déi Woch gestreikt a just eng Noutéditioun duerch d'Maschinne gejot hun. A wat bei muenchen Zeitungen d'Zuel vun de Säiten as, dat entsprécht bei der *New York Times* der Zuel vun de Sektiounen.

Méi impressionant wéi d'Quantitéit as just nach eppes: d'Qualitéit vun den Artikelen. Dat war nët ëmmer esou. Wéi den Adolph S. Ochs d'Zeitung 1896 opkaf huet, krut hien e Boulevardsbliedchen. Domadder war et geschwënn eriwwer. Den Ochs huet vu sénge Reporter gefuedert, si missten ouni Viruerteel recherchéieren a schreiwen. Wat haut typesch fir den angelsächsesche Journalismus ass – deemols war et dat nët: déi ganz streng Trennung vu Neiegkeet a Kommentär.

Den Adolph S. Ochs huet och duerfir gesuergt, datt d'*New York Times* bis haut am Besëtz vu sénger Famill bliwwen as. Op déi Manéier huet si bis haut hier Onofhängegkeet behalen. Déi gouf 1971 op d'Prouf gestallt. D'Redaktioun hat brisant Material iwwert den tatsächlechen Engagement vun den USA am Vietnam zougespillt kritt. Obschons den deemolegen Éditeur Arthur Ochs Sulzberger a Gefoer war, am Prisong ze landen – a séng Zeitung an der Faillite –, huet hien d'Publikatioun vun de Pentagon Papers an de Clinch mat der Reejhirung riskéiert. Spéider huet de Supreme Court him Recht gin. Dat war et: d'*New York Times* war defintiv dat Blad, wat et nach haut as – eng Weltzeitung, awer och d'Zeitung vum liberalen Establishment vun der amerikanescher Ostküst.

Hiere politeschen a publizisteschen Afloss as enorm. Si bestëmmt d'Theme vun der Aktualitéit: Wat an der *New York Times* steet, bréngen duerno och déi aner Blieder; wat hir Reporter négligéieren, loossen och déi aner Journalisten meeschtens falen. Mee dat, wat an der *New York Times* steet, as ëmmer kompetent geschriwwen. A schläicht sech awer e Feeler an, da gët hien op der Säit 2 an der Rubrik *Corrections* riichtgebéit; heiansdo gin och alt emol "Verbesserungen" korrigéiert – nobody's perfect. Mee d'Qualitéit läit op der Hand: 81 Mol huet d'*New York Times* bis elo e Pulitzer-Präiss gewonnen. A Chefredakter vun der Tata Times kann no engem ongeschriwwene Gesetz nëmme gin, wien op d'mannst eemol esou en Oscar vum amerikanesche Journalismus mat op den Times Square bruecht huet.

PS: D'*New York Times* kann een och zu Lëtzebuerg liesen. Nët um Pobeier, mee am Internet. De Site www.nytimes.com as exzellent, och wann hien an der Lescht aus Käschtegrënn qualitativ däitlech reduzéiert gouf. E kascht näischt, et muss ee sech jhust mat e puer perséinlechen Donnéën umellen. Duerfir kritt een dann all Dag eng individualiséiert Newsletter.

*(7. Oktober 2001)*